LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et de Monsieur le ministre des Finance, Gilles Roth, à la question parlementaire n°3040 du 16 octobre 2025 de Monsieur le député Marc Goergen au sujet des chiffres du taux d'épargne des résidents luxembourgeois**

*„1. Wéi kënnt dës Differenz zoustanen a wat sinn déi "richteg" Zuehlen?"*

D'Donnéeën zum Erspuernis-Taux vun den Awunner, déi op de Säite 26 a 87 vun der Note de Conjoncture 2-2024, déi am Dezember 2024 publizéiert gouf, duergeluecht sinn, hunn op Schätzunge vun de Nationalkonten an op Previsioune vum STATEC berout:

- Fir d'Joer 2022 huet et sech ëm eng éischt Schätzung gehandelt vun de järlechen Nationalkonten (déi op Donnéeë berout hunn déi dee Moment wou d'Berechnunge gemaach goufen nach net komplett waren)
- Fir d'Joer 2023 huet et sech ëm Schätzunge gehandelt vun den trimesteriellen Nationalkonten (déi och op Donnéeë berout hunn déi nach net komplett waren)
- D'Joren 2024, 2025 an 2026 ware Previsiounen, déi op der Schätzung vun den Nationalkonte vun de Jore virdru berout hunn, an op de Previsioune vun der Entwécklung vum Konsum a vum Akommes vun den Haushalter.

De 5. September 2025 ass eng éischt Schätzung fir d'Joer 2024 vun de järlechen Nationalkonte vum STATEC gemaach ginn, an déi viregt Joren si mat de rezentst verfügbaren Donnéeë revidéiert ginn, wéi de STATEC et a sengem STATNews n°27 vum 5 September 2025 ugekënnegt huet: https://statistiques.public.lu/fr/actualites/2025/stn27-25-comptes-trim.html).

Den Erspuernis-Taux gëtt als d'Differenz tëschent dem disponibelen Akommes vun den Haushalter an hirem Endkonsum berechent, an ausgedréckt a Prozent vum disponibelen Akommes.

D'Revidéiere vum Erspuernis-Taux tëschent der vum Deputéierte genannten Note de Conjoncture 2-2024 vun Dezember 2024 an de méi rezenten Donnéeën, déi an der Äntwert vum 10. Oktober 2025 op d'parlamentaresch Fro n°2831 duergeluecht goufen, kënnt bal integral vum Revidéieren no uewe vum Endkonsum vun den Haushalter fir d'Joren 2022 bis 2024. D'Revidéiere vum disponibelen Akommes war nëmme marginal.

De Konsum vun den Haushalter fält effektiv elo méi héich a méi dynamesch aus wéi virdrun. Et gëtt eng Erhéijung vum Wäert vun 9% pro Joer am Duerchschnëtt tëschent 2022 an 2024, dës war virdrun op 6% ugesat, esou datt den Erspuernis-Taux sech nei gerechent huet a méi niddreg ginn ass tëschent 2022 an 2024 (-5 Prozentpunkte pro Joer).

Luxembourg, le 11/11/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles